LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°4274 du 19 juin 2026 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Retards de paiement des allocations de chômage ».**

**<u>Fro 1:</u> Ass et am Juni erëm zu Verspéidungen bei der Ausbezuelung vum Chômage komm? Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir?**

Wann all déi verschidden Evenementer (z.B. Sanktiounen, interruption de courte durée, congé, autres revenus, travail accessoire, asw.) déi eng Auswierkung op d'Berechnung vun dem monatlechen Betrag vun der Indemnitéit vum Chômage hunn, rechtzäiteg virum Enn vum 3. Schaffdag (COB) vum neie Mount iwwermëttelt goufen, kann d'Indemnité de chômage berechent a fir de 5. Schaffdag ausbezuelt ginn.

Esou ass de 5. Juni 2026 e Gesamtbetrag vu 26.106.441,62 € fir 11.121 Beneficiairen iwwerwise ginn.

Wann déi feelend Informatioune vun accordéierten Dossier'en dann iwwermëttelt ginn oder nei Demanden kuerzfristeg accordéiert goufen, der ADEM erlaben d'Berechnung vun dem monatlechen Betrag vun der Indemnitéit vum Chômage virzehuelen, ginn des Dossier'en innerhalb vun enger Woch berechent, an zu festgeluechten Datumen, ausbezuelt.

Esou sinn am Juni follgend chômage Indemnitéiten ausbezuelt ginn:

| | Montant payé | Nombre de bénéficiaires |
|---|---|---|
| 05/06/2026 | 26.106.441,62 € | 11.121 |
| 12/06/2026 | 1.844.544,86 € | 703 |
| 19/06/2026 | 1.363.227,80 € | 481 |
| 26/06/2026 | 1.172.706,46 € | 560 |

**<u>Fro 2:</u> Wat sinn d'Grënn dofir, dass Paiementer a verschiddene Fäll esou spéit erfollëgen, wann d'Dossieren an der Rei sinn?**

An wéinege Fäll konnte verschidden Dossier'en, wéinst technesche Problemer, net oder falsch verrechent ginn.

Des Dossier'en sinn identifizéiert ginn, de Problem ass un den Développeur vum neie System mat héijer Prioritéit iwwermëttelt ginn, fir eng Léisung innerhalb vun e puer Deeg geliwwert ze kréien, déi no der erfollegräicher Validatioun vun der ADEM, da virgesi goufe fir mat dem nächsten Iwwerweisungszyklus ausbezuelt ze ginn.

Luxembourg, le 21 juillet 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**